



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Luxembourg, le 12 août 2021

Référence : 839xadc01

Objet : Question parlementaire n°4652 du 13 juillet 2021 de Monsieur le Député Paul Galles au sujet de la couverture sanitaire universelle

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration, de Madame la Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asyl et du soussigné à la question parlementaire n°4652 du 13 juillet 2021 de Monsieur le Député Paul Galles au sujet de la couverture sanitaire universelle

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale


Romain SCHNEIDER

Annexe(s) : Réponse commune à la question parlementaire n°4652





Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet, vun der Ministesch fir Famill an Integratioun, vun der Gesondheitsministesch a vum Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Fro n° 4652 vun dem Här Deputéierte Paul Galles iwwert d'Gesondheetshëllef

De System vun der sozialer Sécherheet, a besonnesch d'Krankeversécherung, bidden e Schutz géint déi verschidde Liewensrisiken, den esou breet ewéi méiglech ass, esouwuel wat d'Leeschungen ubelaangt, ewéi d'Ofdeckung selwer, am Respekt vun de fundamentale Prinzippe vun enger sozialer Sécherheet. De Lëtzebuerger System vun der Krankeversécherung gesäit dofir och vir – an dat ass bei wäitem net de Fall an all Land –, dat eng Persoun sech ka fräiwëlleg umellen, falls si net schonn obligatoresch oder iwwer eng Coaffiliatioun krankeversécherert ass, fir kënnen all d'Leeschunge vun der Krankeversécherung an Usproch ze huelen. Dës fräiwëlleg Umeldung kascht Ronn 120€ pro Mount, woubäi dann och déi ganz Famill krankeversécherert ass.

Wat d'Kanner ubelaangt, esou sinn dës bis 18 Joer automatesch krankeversécherert, falls si net schonn iwwer eng Coaffiliatioun versécherert sinn, woubäi de Staat dann d'Kotisatiounen iwwerhëlt. Den Artikel 1, 1 Alinea, Punkt 13) vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit Folgendes vir: *“Sont assurés obligatoirement conformément aux dispositions qui suivent: [...] 13) les enfants âgés de moins de dix-huit ans résidant au Grand-Duché de Luxembourg qui ne sont pas assurés à un autre titre et qui ne bénéficient pas d'une Protection en vertu de l'article 7”*. Hei ass och ervirzehiewen dat déi meescht Consultatiounen fir Kanner integral vun der Krankeversécherung en Charge geholl ginn.

Fir Persounen déi zu Lëtzebuerg liewen, mee net obligatoresch krankeversécherert sinn oder et sech net leeschte kënnen fir sech fräiwëlleg ze versécheren, kënnen d'Offices sociaux d'Kotisatioun iwwerhuelen. Dat setzt awer prinzipiell viraus, dat eng Persoun an enger Gemeng ugemellt ass.

An alle Fall kënnen Persounen, déi net krankeversécherert sinn, sech fir eng Urgence an e Spidol begi fir gesondheetlech Hëllef ze kréien. De Gesondheitsministère huet dofir e spezifesche Budgetartikel, iwwert deen d'Spidol e Remboursement ka kréien.

Fir deene Persounen, déi soss net krankeversécherert sinn, awer kënnen déi néideg Gesondheetsleeschungen unzebidden, gesäit de Koalitiounsaccord 2018-2023 vir: *“Pour assurer l'accès aux soins de santé de base aux personnes particulièrement vulnérables vivant au sein de notre société et sans affiliation obligatoire, les moyens existants seront utilisés de la manière la plus adaptée. Cette prise en charge médicale sera à charge du budget de l'Etat.”* (Säit 109 vum Koalitiounsaccord).

Fir dëse Punkt ëmzesetzen, hunn déi zoustänneg Ministèrenen sech zesummegeat fir eng Léisung auszeschaffen, déi esou einfach an onbürokratesch ewéi méiglech soll sinn, a sech gréisstendeels



op bestoend legal Mechanisme baséiere soll. Dobäi spillen déi conventionnéiert Associatiounen um Terrain natierlech eng wichteg Roll, well déi oft den eenzege Kontakt zu de Persoune sinn, déi soss néierens ugemellt sinn. An dësem Kontext waren och Echangë mam Ronnen Dësch.

D'Zil ass, dat all Persoun, déi am Land leeft, vun all de Leeschtunge vun der Krankeversécherung ka profitéiere wann se et néideg huet, an zwar esou einfach ewéi nëmme méiglech. Dobäi soll awer kee parallele System op d'Been gestallt ginn, schonn eleng fir d'Persoune selwer net ze stigmatiséieren, an och fir déi administrativ Charge esou kléng ewéi méiglech ze halen. D'Käschte ginn, ewéi am Koalitiounsaccord virgesinn, vum Staat gedroen.

Dëse Projet konnt wéinst der COVID-19-Kris net esou séier ewéi ursprénglech geplangt ausgeschafft ginn. Allerdéngs gouf en am Laf vum 1. Semester 2021 nees an Ugrëff geholl.

Aktuell befënnt sech de Projet an der interner Finalisatioun fir an enger nächster Etapp mat de betreffenen Acteuren, dorënner de Ronnen Dësch, diskutéiert ze ginn.